Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An der Vergaangenheet gouf am Gesondheetsministère driwwer diskutéiert, fir nei Krittären auszeschaffen, fir d'Ausstelle vu Konzessioune fir eng Apdikt opzemaachen. Bedéngt duerch de stramme Bevëlkerungswuesstem läit Lëtzebuerg mat 15,6 Apdikte pro 100.000 Awunner däitlech ënnert dem OECD-Wäert vun 28 Apdikte pro 100.000 Awunner; d'Belsch huet iwwerdeems 42 Apdikte pro 100.000 Awunner.

An deem Kontext géife mir eis erlaben, d'Madamm Gesondheetsminister op ee speziell problematesche Fall hinzeweisen: D'Gemeng Clierf ass flächeméisseg déi zweetgréisste Gemeng aus dem Land. Eenzeg Maarnech huet eng Apdikt. An deem Zesummenhang sief drop higewisen, datt déi 17 Uertschafte vun der Gemeng Clierf am Hibléck op d'Distanz zum Deel wäit auserneeleien. Am Hibléck op den ëffentlechen Transport hu grad och Dierfer ewéi Léiler oder Kaalber, déi no un d'Belscht, respektiv, Däitschland ugrenzen, eng méi problematesch Ubannung u Maarnech.

An deem Sënn gi grad och an der Gemeng Clierf d'Stëmmen ëmmer méi haart, déi eng zweet Apdikt fir déi genannte Gemeng fuerderen.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°246 vum Här Mars Di Bartolomeo huet d'Madamm Gesondheetsminister preziséiert, datt den demographesche Wuesstem an d' "densité médicale" berécksiichtegt gi fir d'Ausstelle vu Konzessioune bei den Apdikten.

An deem Kontext hätte mir follgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Am Hibléck op d'Ausso vun der Madamm Gesondheetsminister, datt d'"densité médicale" an déi demographesch Entwécklung berécksiichtegt gi fir d'Ausstelle vu Konzessiounen, fir eng Apdikt opzemaachen: Wou feelen an den Ae vun der Madamm Gesondheetsminister hei am Land nach Apdikten?
2. Misst – nieft de Krittäre vun der demographescher Entwécklung an der "densité médicale" – net och den Aspekt vun der geographescher Lag mat berécksiichtegt ginn?

3. Kann d'Regierung eis eng Iwwersiicht, respektiv, déi geographesch Opdeelung vun allen Apdikten, déi et de Moment zu Lëtzebuerg ginn, zoukomme loossen?
4. Wéi huet sech d'Ausstelle vu Konzessiounen, fir zu Lëtzebuerg eng Apdikt opzemaachen, an de leschten zéng Joer entwéckelt? Sinn an deem Kontext an de leschten zéng Joer Apdikten dobäikomm, respektiv, ofgezu ginn?
5. Wéi wäit sinn aktuell d'Aarbechten, respektiv, d'Entwécklungen am Gesondheetsministère fortgeschratt, fir d'Prozedure fir d'Ausstelle vu weidere Konzessiounen, fir eng Apdikt opzemaachen, ze iwwerschaffen?
6. Am spezifesche Fall vu Clierf: Gedenkt de Gesondheetsministère dem berechtegten Uleies vun de Clierfer Bierger, fir eng zweet Apdikt an der Gemeng opzemaachen, nozekommen?
7. Gedenkt de Gesondheetsministère an deem Kontext eng eventuell beschleunegt Prozedur anzeféieren, fir deem berechtegte Besoin no enger zweeter Apdikt an der Gemeng Clierf gerecht ze ginn? Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Ëmsetzung vun dësem Projet gerechent ginn? No wéi enge Krittäre géif de Gesondheetsministère de gëeegente Standuert fir eng zweet Apdikt an der Gemeng Clierf auswielen?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert

Jeff Engelen
Deputéierten